

# Paul PEMMERS

20.8.1884 - 20.2.1958

Präsident des Bezirksgericht DIEKIRCH

In der Generalversammlung des Fußballvereins Young Boys Diekirch vom 9.7.1924 wurde Herr Paul Pemmers einstimmig zum Präsidenten proklamiert. Er verblieb an diesem Posten bis zu seinem Tode am 20.2.1958. Somit stand er während 34 Jahren an der Spitze dieses Vereins.

Da die Young Boys im Jahre 1923 eine Tennissektion gegründet hatten, war Herr Pemmers auch einer der ersten Präsidenten dieses Vereins.

Die Persönlichkeit von Paul Pemmers, seine Bedeutung für die Sportwelt Diekirchs kann nicht besser beschrieben werden als durch den Nachruf, den Herr Jean-Pierre Mannon am Grabe von Herrn Pemmers hielt.

„Nach selen as e Mënsch vun eis gaangen, dee mat där sportlicher Jugend esu verbonne war an och dermoosse vun hir veréiert gin as wi den Här Pol Pemmers!

Den 9. Juli 1924 guf den Här Pemmers eestëmmeg als Präsident vun de Young Boys gewielt an zënter deem Dag bis hätt stung hien oni Ënnerbriechung un der Spëtzt vum Verein. - Hien hot déi schlecht Zäite matgemaacht a wosst ëmmer d'Jungen duurch sei Courage an seng Opmonterung an d'Luucht ze riichten. Hien hot awer och déi sching Zäite materleift, wu de Verein seng gruss Dee hat, an da konnt der him et ofgesin wi glécklech datt e war, well séng Jungen et geschafft haten.

Mat Verstand a Geschéck hot hie geleet, mat gudde Wierder wosst hien alles ze erreechen, a wi e gudde Familiepapp as hie mat den Equipen a mat de Comitésmemberen ëmgaang.

Sein Organisationstalent a séng Sécherheet am gesellschaftlichen Ëmgank waren di gruss Force déi hien dem Verein zur Verfügung gestallt hot an déi d'Ënnerlag waren, fir den Young Boys een dauernde Bestand ze gin.

Aus där klenger Sympathie fir de Footballclub mat där hie séng Präsidente-carrière ugefaang hot, guf mat der Zäit eng richtig Léift a Leidenschaft, déi ëmmer méi zougeholl hot.

Sonndig fir Sonndig as hie mat séngen Equipen op d'Matcher gaangen, bei Reen a bei Schni a bei Sonneschein; a well d'Junge gefillt hun wi staark hie mat hirem Geschéck verwoos war, guf och séng Beléiftheet bei hinnen an doriwer eraus bei dem ganze lëtzebuerger Footballsport ëmmer méi gruss.

Ënner der Leedung vum Här Pemmers hun d'Young Boys sich eng führend Roll verschaaft, nët nëmmen am Football, mee och an anere Sportarten: am Athletisme, am Tennis, am Schwammen. - An ënner sénger Regie guf och d'Theatersektioun ee gewichtige Faktor am Gesellschaftslewen vun der Stad Dikkerich.

A wann elo an e puer Méint de Verein sei 50. Jubiläum feiere kann, dann as dat eng Fatalitéit, datt dee Mann, dee sich mat Leif a Séil agesat hot, fir dës Feier ze planéieren, an deem sei gréisste Wonsch et geweest wier, se präsi-déieren ze kënnen, nët mi derbei as.

Et fällt eis schwiër drun ze denken, datt dat elo eriwer as, datt déi legendär Gestalt vum Här Pemmers fir ëmmer vun eisem Terrain verschwanne soll.

Wat eis bleift as d'Erënnerung un een duurchaus faire Sportsmann a gudde Frënd, an d'Dankbarkeet fir séng immens Aarbicht.

Här Pemmers, mir vergeessen Eech ni!"